

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeeedungsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet den 18. Dezember 2019 en Accord mat de Vereenten Natioune vun Amerika iwwert déi militäresch Kooperatioun ënnerschriwwen, deen anscheinend den 2. Abrëll 2020 a Kraaft getrueden ass, an dat - wéi et schéngt - ouni datt d'Chamber e ratifizéiert huet. Zil vun dësem Accord ass ë.a. eng Vereinfachung vun de Prozedure bei der militärescher Zesummenaarbecht tëscht Lëtzebuerg an den USA.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un den Här Verdeeedungsminister:

1. Wéini gëtt den uewe genannten Accord der Chamber virgeluecht fir en ze ratifizéieren?
2. Déi europäesch Staaten striewen eng méi enk Zesummenaarbecht am Kader vun der Verdeeedegung un. Zilsetzung ass an deem Kontext ënner anerem eng méi grouss europäesch Standardiséierung bei den Equipementer an d'Striwen no enger gesamteuropäescher Identitéit am Kontext vun der Verdeeedegungspolitik. A wéi wäit ass et mat deenen Ziler kompatibel, datt Lëtzebuerg elo dëse Militäraccord mat den USA ënnerschriwwen huet?
3. A wéi wäit zitt den ënnerschriwwene Verdeeedegungsaccord mat den USA Implicatioune mat sech am Hibleck op déi national an/oder europäesch Ausschreiwungen a Verträge am Kontext vun der nationaler an europäescher Verdeeedegungspolitik? Gëtt et doduerch net méi schwéier, fir europäescht Material ze kafen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten